ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 19. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Covid-19-Pandemie kréien zu Lëtzebuerg d'Patronen an d'Betriber gratis Antigen-Tester zur Verfügung gestallt. Ausgeholl vun dësem Verdeele vun Antigen-Tester ass allerdéngs de medezinesche Secteur, d.h. all Zort vu medezinesche Praxissen. Wat d'Wichtegkeet vun den Antigen-Tester ugeet, erschléisst et sech allerdéngs net, firwat hei grad dem medezinesche Secteur eng manner grouss Bedeitung zoukënnt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi ass et an den Ae vun der Madamm Minister ze veräntwerten, datt dem medezinesche Secteur keng Antigen-Tester zur Verfügung gestallt ginn? Geet d'Madamm Minister eventuell dovun aus, datt dat geimpfte medezinescht Personal keng Antigen-Tester méi brauch?
2. Gedenkt d'Madamm Minister elo dréngend déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir datt och de medezinesche Secteur mat Antigen-Schnelltester versuergt gëtt? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun därer Dispositioun gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742